



FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le :

14 JAN. 2020

1710

Lëtzebuerg, de 14. Januar 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weider ze leeden.

An de leschte Woche sinn an de Spëttestonnen d'Zich vun der CFL Ligne 10 iwwerfëllt. Esou ass et oft de Fall datt vun Ettelbréck, spéitstens vu Miersch un, keng Sätzplaze méi fräi sinn, an och an de Gäng dotëscht stinn extrem vill Leit.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Ass de Minister sech dëser Problematik bewosst?
- Wa jo, wat gedenkt hien ze ënnerhuelen?
- Ass de Minister der Meenung datt dës Situatioun sech nach wäert verschlëmmere mat der Aféierung vum gratis öffentlechen Transport?
- Ginn d'CFL Responsabelen dovun aus datt den Drock op déi 1. Klasse ab dem 1. März wäert wuessen?

Här President, mir bieden lech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Marco Schank
Deputéierten



Luxembourg, le **24 JAN. 2020**



Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1710 du 14 janvier 2020 des honorables députés Madame Martine Hansen et Monsieur Marco Schank, concernant les trains CFL bondés, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Réponse de Monsieur François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, à la question parlementaire n° 1710 du 14 janvier 2020 de Madame la Députée Martine Hansen et de Monsieur le Député Marco Schank concernant les trains CFL bondés

Mat hierer parlamentarëscher Ufro n°1710 vum 14. Januar 2020 maachen d'Madame Députéiert Martine Hansen an den Här Députéierten Marco Schank op déi iwverfällten Zich op der Nordstreck besonnesch während de Spëtzenzäiten opmierksam.

Den Zouwues vu Clienten op der Nordstreck ass bekannt. Dofir goufen verschidden RE-Zich verstärkt, andeems op der Streck tëschent Elwen a Lëtzebuerg d'Zich zu de Spëtzenzäiten mat engem Maximum vu sechs Voituren agesat ginn. Bei den RB-Zich aus an a Richtung Dikrech ass een ähnlechen Zouwues z'erkennen. Allerdengs ass et bei dësen Zich, opgrond vun der haiteger Materialsituatioun, net méiglech fir hier Sëtzplazkapazitéit weider ze verstärken. Dës Zich fueren zu de Spëtzenzäiten mat enger Kompositioun vu 4 bis maximal 6 Voituren.

D'Aféierung vum gratisen ëffentlechen Transport vum 1. Mäerz 2020 un wäert keng gréisser Répercussiounen op d'Unzuel vun de Reesender op dëser Streck hunn. Vill méi gëtt sech en Zouwues op de Grenzgaren erwaart. Wann een den aktuelle Flux vun den Déplacementer kuckt, da fueren vu Gouvy aus déi mannste Grenzgänger fort, déi riskéieren éventuell ab dem 1. Mäerz 2020 vun Elwen aus wëlle fortzefueren an domat géngen fir en Zouwues op den nationalen Zich op dëser Streck suergen.

Am Laf vum leschte Joer hunn d'CFL och nei Automotricë bestallt, déi et erlaabe wäerten d'Unzuel vun de Sëtzplazen op dem ganze Réseau z'erhéijen fir sou och dem Zouwues vu Reesender Rechnung ze droen. Bestallt sinn 22 nei dräideeleg Automotricen, déi am ganzen 6.380 Plazen an der zweeter Klass an 968 Plazen an der éischter Klass opweisen. Dobäi kommen nach 12 sechsdeeleg Automotricen, déi am ganzen 7.248 Plazen an der zweeter Klass an 1.056 Plazen an der éischter Klass ubidden.

Et geet een net dovunner aus, datt mat der Aféierung vum gratisen ëffentlechen Transport den Drock op d'éischt Klass klamme wäert, well jo d'Präisser fir e Billjee vun der éischter Klass net wäerte reduzéiert ginn.